Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzungbericht

| Nummer : 3/2025 | 23/10/2025 |
|---|---|

1. **Kurze Réckbleck op To Do Lescht.**

   De Fichier vum Alain ass verbessert, a ka benotzt ginn fir de Sprint Open.

   De Steve huet de Fichier vun de Moyenne fäerdeg gemacht an kann dësen elo „à jour“ halen an dem Sekretariat weiderleeden, fir op de Site ze setzen.

   Déi aner Punkten sinn oder ginn nach erleedegt

2. **Sprint Open.**

   Bis elo sin den 29.11.25 follgend Leit présent:
   Christiane, Alain, Steve, Claude, Uwe an J-Jacques.

   Christiane präparéiert Ziedele fir Resultater opzeschreiwen. Des Weideren bekömmert et sech ëm de Catering a Blumen.
   Den Alain mécht de Excel-Fichier a bekémmert sech ëm de Beamer.
   De Claude ass fir de Kaaf vun den Medailen zoustänneg.
   De J-Jacques mécht Usoen um Mikro a Koordinatioun an Automaten.

   Well Diskussiounen vum Startprais opkomm sinn, gëtt eventuell fir nächst Joer Startgeld vu 5€ op 7€ eropgesat. Dëst gëtt awer nach an enger nächster TKS-Sitzung diskutéiert.
   Sollten manner ewéi 20 Spiller um Sprint Open deelhuelen, sou gëtt och keng Tribün erausgefuer.

   No dem Sprint Open gëtt Zéiung vun der Coupe L.N gemaacht.

**3.Internationales.**

De Rapport vum Lännervergläich Saarland-Lëtzebuerg ass positiv bewäert ginn.
Nächst Joer gëtt de Vergläich de 17.10.26 zu Schlennermaarnecht gespillt.

Et gëtt och gekuckt fir e Kadertraining zu Schlennermaarnecht ofzehalen.
De J-Jacques schwätzt mam Jules wéinst de Bunnen an de Fräien.

Kim Porters huet sech endgülteg ofgemellt.

Partenaires de la F.L.Q.
LOTERIE NATIONALE
WILWERT
HOTEL **** THREELAND RESTAURANT BRASSERIE
50 Rue Pierre Hamer - L-4737 PETANGE
Tél: 00352 26 50 800 - E-mail: threelan@pt.lu
www.hotelthreeland.lu

**3. Divers**

Et gëtt mam Tom Hoffman gekuckt fir interessant Mätscher mat „Live Arena „ ze iwwerdroen.TKS huet den Tom Hoffmann an déi nächst Sitzung invitéiert fir iwwert en Supercup ze schwätzen.

Den Alain huet bemierkt, dass een déi nächst Nuit des sports besser organiséiere misst.

Well nëtt all Sportsresultater an Press veréffentlecht gi sinn, freet de J-Jacques am CA no wien de Pressespriecher ass, a wéi Kommunikatioun ënnert enee soll gemaacht ginn.

De J-Jacques huet dem Comité matgedeelt, dass zu Péiteng op de Pisten 1-8 Schlagwänn erneiert si ginn. Well awer Reklamatiounen do sinn, dass déi hënnescht Keel oft stoe bleiwt, kontrolléiert hien dëst.

Well net all Veräiner sech all Dag um Site informéieren, ass festgehaalen gin, dass bei Noutwendegkeet en Circulaire un Sportsveräiner gescheckt soll ginn. Dëst soll Veräiner méi schnell a Kenntnis setze bei Ännerungen, Neiegkeeten a.s.w.

An der nächster Sëtzung soll doriwwer diskutéiert ginn, dass wann eng Equipe ze spéit op e Mätsch kënnt, wéi laang déi aner Equipe waarde muss éiert e Forfait ausgeschwat gëtt. Dëst muss dann och an dem Reglement bäigesat ginn.

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Jacques**

**Partenaires de la F.L.Q.**
LOTERIE NATIONALE
WILWERT
HOTEL **** THREELAND RESTAURANT BRASSERIE
50 Rue Pierre Hamer - L-4737 PETANGE
Tél: 00352 26 50 800 - E-mail: threelan@pt.lu
www.hotelthreeland.lu